# D'Quëtschbloder

Neits vun der Société municipale des accordéonistes de Luxembourg

Juni 2025/ Säit 1

Nr. 2 / 2025

**Themen an deser Nummer :**

- Asemblée générale
- Välteskiirmes Leudelange
- Notre enseignement musical en chiffres
- Bléck zréck
- Aktivitéitskalenner
- École de musique
- An eegener Saach
- Impressum
- Contact

## 12.03.2025 : Generalversammlung - assemblée générale











De President Marc Thill huet bei senger Begréissung an der General-versammlung bemierkt, datt mir, d. h. déi aktiv Membere vun der Société municipale des accordéonistes de Luxembourg (SMAL), mat geméschte Gefiller zréck kucken op e Joer am Hibléck op dat, wat uechter d'Welt lass ass, awer och op dat, wat mir Akkordeonisten u Flottem an Trauregem erlieft hunn.

Den 10. Februar 2025 ass eise laangjärege Vize-President Fernand Buchholtz gestuerwen. Mat enger Gedenkminutt gouf säin Undenke geéiert.

Et ass eng Freed ze gesinn, datt nei Akkordeonistinnen an Akkordeonisten den Orchester vergréisseren. Aner Aktiver iwwerhuelen nei, zousätzlech Aufgaben : den Tom Conrad kënnt an de Comité, de Mher Mkrtchyan ass en neien Delegéierten an der UGDA. Zënter engem gudde Joer féiert de Mher d'Musekschoul vun der SMAL an hie léiert Jonker a manner Jonker op Akkordeon, Keyboard an Trompett. Aus dëser Musekschoul konnt d'SMAL bis elo 2 Akkordeoniste recrutéieren an et besteet d'Aussiicht, datt nach deen een oder aneren nokënnt.

Ier de Sekretär Romain Kraus (mat der Co-Sekretärin Eliane Weis) de Rapport iwwert d'Aktivitéitsjoer gemaach huet, war et him wichteg fir dem Guy Schmit an dem Danielle Ludwig extra Merci ze soen. De Guy bréngt d'ganzt Material fir akustesch Verstäerkung vun eise Concert-en mat a riicht et op an of. D'Danielle këmmert sech em d'Relatioune mat der Press an em d'Homepage vun der SMAL.

Am vergaangene Joer hate mer 39 Prouwen, 12 Concert-en, goungen, wéi all Joer zënter 1983, an der Iechternacher Sprangpressessioun mat, an hu mam Jenni an Tom Conrad-Boettel hir Hochzäit gefeiert. Den 1. Advent 2024 ware mer am Waldachtal (am Schwarzwald) a konnte mat engem flotte Concert an der Sankt-Agatha-Kirche zu Salzstetten begeeschteren.

Aus dem Rapport vum Keessier Brice Junius geet ervir, datt d'Finanze gesond sinn. Besonnesch Freed mécht de substantielle Subsid vun der Gemeng Lëtzebuerg. D'Keesskontrolleren Vic. Kolb an Hendrik van den Bulcke attestéieren och dës Kéier eng exemplaresch an akribesch Keesseféierung.

Eestëmmeg ginn d'Membere per Aklamatioun d'Decharge fir Sekretariat a Keess.

D'Monique Buchholtz-Feitler hat zesumme mam Fernand Buchholtz schonn ugangs vun dësem Joer d'Demissioun am Comité ginn. D'Monique kritt niewent engem Bouquet Blummen nach ee schéine Cadeau iwwerreecht fir him Merci ze soe fir säin Engagement an Devouement wärend all deene Joerzéngten. Op Propositioun vum President kritt d'Monique den Titel "Éirememberschaft op Liewenszäit".

Am Ausbléck op d'Aktivitéiten an dësem Joer ass speziell op d'Participatioun an der Sprangpressessioun hinzeweisen, an op ee Stage vun 2 Deeg, wou och d'Akkordeons-Formatioune vu Menningen/Minden, vun Idesheim-Ittel-Hofweiler a vu St. Vith matmaachen. E grousse Rendez-vous wäert ausserdeem d'Organisatioun vun der Journée de l'Accordéon am Alen Tramsschapp um Lampertsbierg sinn (19.10.2025).

No der Upassung vun de Statute vun der SMAL un d'Gesetz iwwert d'Asbl. vum 7. August 2023 war nach Geleeënheet fir en Austausch iwwert divers Uleiesse vun de Musikantinnen a Musikanten.

D'Generalversammlung gouf dann ofgeschloss bei engem gudde Patt an engem delikate Maufel, deen d'Monique spendéiert huet.

Dem Tom Conrad seng Kandidatur fir de Comité gëtt eestëmmeg guttgeheescht. Domat setzt sech den neie Comité esou zesummen : Tom Conrad, Brice Junius, Romain Kraus, Guy Schmit, Marc Thill, Eliane Weis. Déi eenzel Charge ginn an der nächster Comités-Sitzung verdeelt.

## In memoriam Irène Goergen-Nau †

SMAL

D'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg - SMAL trauert ëm hire laangjärege Member a Musikantin

**Irène GOERGEN-NAU**

Mir soen dem Irène e grousse Merci fir alles wat hat fir de Veräin gemaach huet.

Senger Famill drécke mir eist déifste Matgefill aus.
Mir wäerten d' Irène vermëssen.

De Verwaltungsrot an d'Membere vum SMAL.

20.12.1946 - 30.05.2025



## 16.02.2025 : Välteskiirmes Leideleng













Och dëst Joer huet d'SMAL d'Kiermesiessen zu Leideleng musikalesch encadréiert - mat vill Succès.



SMAL
Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

D'Quëtschbloder

Neits vun der Société municipale des accordéonistes de Luxembourg



Nr. 2 / 2025

## Notre enseignement musical depuis septembre 2023 :

Quelques chiffres :

- 23 élèves âgés de moins de 10 ans
- 14 élèves âgés entre 10 ans et 18 ans
- 10 élèves adultes
- 47 élèves au total

Jusqu'à present 2 élèves ont été accueillis dans l'orchestre, alors que, depuis des années, *aucun* nouvel actif provenant d'autres écoles de musique ou conservatoires n'a pu être intégré .

### E Bléck zréck - un regard sur le passé











Fir d'Kulturjoer 1995 vun der Stad Lëtzebuerg koum de **Fotograf Wolfgang Osterheld** 1994 emol bei äis an d'Prouf an huet e puer Fotoe vun a mat äis gemaach.

*Pour l'année culturelle 1995 de la Ville de Luxembourg, le* ***photographe Wolfgang Osterheld*** *est venu en 1994 à une répétition pour prendre des photos de et avec nous.*

Mir erënneren äis gären un - *une pensée particulière pour* : René Beck, Felix Hausemer, Fernande Kimmes, Benny Schmit, Marcel Winter.

**Société municipale des accordéonistes de Luxembourg (SMAL)**

Contact SMAL :
*President Marc Thill*
*Tél. +352 621 26 35 03*
Dirigent R. Kraus
Tél. +352 50 15 06

Redaktioun
« d'Quëtschbloder » :
Danielle Ludwig
Luxembourg-Bonnevoie

e-mail (privat):
danielle.ludwig@gmx.net
e-mail SMAL :
Accordeon_SMAL@gmx.net

S M A L
Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

## *Aktivitéite vun der SMAL :*

| | |
|---|---|
| **10.06.2025** | Sprangpressessioun, Procession dansante Echternach |
| **21.09.2025 (??h??)** | Concert - Duerffest Consdorf |
| **19.10.2025 - 14h30** | Journée de l'Accordéon<br>Alen Tramsschapp, rue Ermesinde, L-1469 Luxembourg - Limpertsberg |
| | |
| | |
| | |



Proufsall - salle de répétitions - Probensaal :
Avenue Victor Hugo
L-1750 Luxembourg-Limpertsberg

1er étage, salle 103

## *École de musique SMAL*

**Lieu :** salle 103 – 1er étage Hall Victor Hugo – Avenue Victor Hugo, 60 à 1750 Luxembourg-Limpertsberg

**Formations offertes :** Solfège, Accordéon, Keyboard, Piano, (Trompette sur demande)

**Durée des cours hebdomadaires :** 35 minutes

**Langues :** français, anglais, arménien, russe, luxembourgeois (bonnes notions)

**Tarif d'inscription pour cours individuel :** 360,- € par trimestre et personne, payable au plus tard au 1er de chaque trimestre

**Tarif d'inscription pour cours en groupe :** 300,- € par trimestre et personne, payable au plus tard au 1er de chaque trimestre

**Autre condition :** carte de membre SMAL obligatoire : 15,- € par an (tarif révisé annuellement)

**Numéro de compte :** CCRA IBAN LU24 0099 7800 0138 7539
ou paiement en liquide à l'enseignant musical

**Cours dirigés par Monsieur Mher MKRTCHYAN**, titulaire d'un Premier Prix du Conservatoire d'Esch-sur-Alzette

**Téléphone (GSM) de contact :** (+352) 621 573 343

**Messagerie électronique :** infomusiclimpertsberg@gmail.com

**www.accordeon.lu**

## An eegener Saach ...

Mir sichen Accordéonisten, déi no regelméissege Prouwe gäre bei eise Concertë matspillen an och soss d'Gesellschaft an enger lëschteger Equipe genéissen. Interesséierter kommen eng Kéier Mëttwochs an d'Prouw (19 - 21 Auer) kucken: "Halle Victor Hugo" um Lamperbierg, rechts niewt der Rotonde eran an dann um éischte Stack am Gank hanne rechts - Sall 103.

*Nous accueillons volontiers les accordéonistes désireux d'intégrer notre orchestre pour participer aux répétitions hebdomadaires et aux concerts durant les saisons. Intéressé(e)? Venez nous rencontrer pendant une répétition (19 à 21 heures) au « Halle Victor Hugo » à Lux.-Limpertsberg; entrée à droite de la Rotonde, au 1er étage la dernière pièce à droite du couloir - salle 103.*